

# SYN ER GIE

November 2019 / n°54

De Regionalmagazin Atert-Wark vum Réidener Kanton



Syndicat Intercommunal  
"De Réidener Kanton"



E

léiwe

klenge Buttkek,  
hei just ëm den Eck,  
zu Useldeng fënnt ee Saachen,  
f'ass verrécht, fir ze verschenken, ze  
dekoréieren a fir anzeriichten, fir unzesträchen, ze  
shoppen an och fir heemlech ze beliichten. Fir d'Feierdeeg,  
a feierlech Momenter, fannst Dir hei déi passend Geschenker

Den Usträicherbetrib Peinture & Cadeaux Kauthen  
wënscht lech all schéi Feierdeeg & e gudde Rutsch an dat neit Joer



DEKO, KÄERZEN, LUUCHTEN, RUMMEN, KLEEN-TEX TEPPECHER, REISENTHEL POSCHEN, ...

A FIR D'HANDWIERKER TAPÉIT, BUEDEMBELAG, STOREN, PLISSÉEËN, JALOUSIEN, INSTEKTESCHUTZ, USTRÄICHERGESCHIER, FAARWEN A MËSCHSTATIOUN

PEINTURE & CADEAUX  
**KAUTHEN**

USELDENG • 11, Béiwenerstrooss • L-8707 Useldeng • Tél.: 23 63 02 52 • kauthen@pt.lu • [WWW.KAUTHEN.LU](http://WWW.KAUTHEN.LU)

Öffnungszeiten - Méindes Mëttes vun 14h-18h - Dënschdes bis Freides vun 9h-12h a vun 14h-18h - Samschdes vun 9h-12h a vun 14h-17h

# SOMMAIRE

## IMPRESSUM

Rédaction, direction artistique,  
illustration, mise en page  
& suivi de production  
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable  
Art & Wise s.à r.l.

Impression  
Imprimerie Reka s.a.

Renseignements  
& réservations  
T +352 23 62 43-20  
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute  
reproduction, ou traduction,  
intégrale ou partielle, est  
strictement interdite sans  
autorisation écrite au  
préalable de l'éditeur.

Prochaine parution  
février 2020

Clôture annonce  
mi-janvier 2019

Tirage  
11.666 exemplaires

Magazine régional d'information  
bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l.  
en collaboration avec le Syndicat  
Intercommunal du Réidener  
Kanton et le Groupe d'Action  
Locale Leader Atert-Wark.



Fonds européen agricole pour le  
développement rural: l'Europe  
investit dans les zones rurales.

2 **DIGITALISÉIERT  
REGIONAL ARCHIVEN**

5 **LEADER ATERT-WARK  
SOZIALWIERKSTAT**

6 **ZÄITGEMÉIS  
DAT SOLIDARESCHT  
GEMÉIS VUN DER ATERT**



8 **BEWOSTT HANDELEN  
AM WESTEN. ONLINE  
SHOPPEN NOHALTEG,  
FAIR & SOZIAL!  
WWW.GRINGGO.LU**

10 **KOMM DISKUTÉIER  
MAT! DISKUSSIONS  
OWENDER**

11 **KLIMAPAKT-DAG  
AM RÉIDENER KANTON**

12 **KLIMA-INTERVIEW  
GEMENG RAMMERICH**



14 **NATURA 2000  
EINE REGION VOLLER  
SCHÄTZE: DAS GEBIET  
GROSBOUS-NEIBRUCH**

18 **GEWÄSSERVERTRAG  
ATTERT - CONTRAT DE  
RIVIÈRE ATTERT  
D'WAASSERNOTZUNG  
AN ALER ZÄIT**



22 **EUROSOLAR  
LËTZEBUERG  
PRIX SOLAIRES  
NATIONAL &  
INTERNATIONAL 2019**

24 **MERCI HENG!  
EUROSOLAR  
LËTZEBUERG**

26 **DEE MAM BAART,  
ANGELO AMODIO!  
AGENCE PRINCIPALE  
D'ASSURANCES FOYER**



28 **KANNERWONSCHBAM**

30 **CHRËSCHTMÄERT  
AM RÉIDENER KANTON**

32 **CUBE 521**

34 **AGENDA**



# DIGITALISÉIERT REGIONAL ARCHIVEN

An Zesummenaarbecht, a mat der finanzieller Ënnerstëtzung vun de 4 Leader-Regiounen Atert-Wark, Éislek, Mëllerdall a Lëtzebuerg West initiéiert d'ASBL Autisme Luxembourg vu Biekerech am Januar 2020 en ambitiësen an innovative Projet, de Projet ARNU.



AutismeLuxembourg

#### Kontakt

**Christian Coiffard**  
Gestjoener vum  
Projet ARNU

**Vincent Brack**  
Responsabel vum  
Projet ARNU

**AUTISME Luxembourg a.s.b.l.**  
1, Jos Seyler Strooss  
L-8522 Biekerech  
T 26 62 33-1  
vincent.brack@autisme.lu  
www.autisme.lu



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture, du Développement  
rural et de la Pêche  
Fonds européens agricoles pour le développement rural  
L'Europe investit dans les zones rurales



D'Zil vun dësem Projet ass d'**Erhale vum kulturellen an historeschen Ierwen** **durch Digitaliséierung** an Indexéierung vun Dokumenter a Géigestänn a soll all Mënsch den Zougang zu dësen Ënnerlagen iwwer eng digital Plattform garantéieren.

Autisme Luxembourg a.s.b.l., unerkant als Associatioun vun ëffentlechem Interessi, këmmert sech säit 1981 ëm Leit mat enger Steierung aus dem Autismus-Spektrum, begleet si an hir Famillen an alle Beräicher vum dagdeegleche Liewen an assuréiert eng Abberzuel u Services, déi un déi speziell Besoine vun dëser Leit adaptéiert sinn.

Säit 2010 huet Autisme Luxembourg a.s.b.l. villerlee Aktivitéiten am informatesche Beräich geschafen, dorënner en Atelier, dee sech ëm d'Gestioun vun digitalen Dokumenter këmmert. Dësen Atelier forméiert a beschäftegt haaptsächlech jonk Erwuessener, déi vun Asperger Autismus betraff sinn, a grouss Kompetenzen an de gefuerderte Beräicher un den Dag leeën. Schonn haut realiséiert den Atelier „Back-Office“ eng grouss Panoplie un Digitaliséierung wéi zum Beispill Diaen a Fotoen, Zeitungen a Bicher wéi och VHS Videokassette fir Privatleit, Firmen an Associatiounen an

assuréiert aktuell d'Digitaliséierung vum Gebuerteregëster fir eng Rei vu Lëtzebuerger Gemengen, ënnerschiddlech Dokumenter fir den National Archiv (Archives Nationales de Luxembourg) an de nationale Geschichtsmusée (Musée national d'histoire).

Zil vum Projet ARNU ass et eng laangfristeg Archivéierung vun digitale Kopie vum Dokumenter an Objeten aus dem lokalen a regionalen Ierwen ze garantéieren an dës engem breede Publikum vu Leit, déi sech fir eis historesch a kulturell Geschicht interesséieren, op einfach Aart a Weis zougänglech ze maachen.

Ab Januar 2020 steet an den Ateliere zu Useldeng eng Equipe bereet fir all Demande un Digitalisatiounsarbechten an enger eischer Period vum 2020 bis 2021 nozekommen an ze realiséieren. Dës Aarbechte gi vun héich qualifizéierte Professionellen, mat der Ënnerstëtzung vu jonken Erwuessener mat enger Steierung aus dem Autismus-Spektrum, realiséiert.

Nodeems déi **informatesch Plattform fir de Stockage an d'Ofruffe vun den digitalen Dokumenter** operationell ass, proposéiert Autisme Luxembourg a.s.b.l. jiddwer Interesséiertem am Kader vun



engem virdefiniéierte Budget e gratis Digitalisatiounsservice fir déi 4 Leader-Regiounen (opmannst während der Projetsphas vun 2 Joer). All Persoun, lokale Veräin, Geschichts- oder Kulturkommissioun déi drun interesséiert ass Dokumenter, Ënnerlagen oder Géigestänn vun historescher a kultureller Wichtigkeet fir eis Groussregioun ze digitaliséieren an z'archivéieren, kann dovunner profitéieren.

De Koordinator vum Projet këmmert sech drëm weider Partnerschaften mat de betraffene Parteien aus deene 4 Leader-Regiounen op d'Been ze stellen, mam Zil d'Digitaliséierung an d'Verbreedung vun den Informatiounen nach weider ze perfektionéieren.

Am Prinzip ginn d'Ënnerlage klasséiert, uschléissend digitaliséiert an indexéiert fir, nodeems d'Fro vun de Notzungs- an Verëffentlechung-rechter gekläert ass, engem méiglechst groussen Publikum en einfachen Zougang zu dësen digitalen Dokumenter ze garantéieren.

No der Projetsphas vun 2 Joer wäert Autisme Luxembourg a.s.b.l. dëse Service och weiderhin géint Bezuelung ubidden. Och d'Fleeg vun der informatescher Plattform wäert weiderhin duerch si garantéiert ginn.

Duerch de Projet ARNU ass daat historesch a kulturellt Ierwen an noer Zukunft mat engem Klick fir jiddwereen zougänglech!

**Ab Januar 2020 ginn an deene 4 Leader-Regiounen Informatiounsversammlungen organiséiert fir den interesséierte Persounen a lokalen a regionalen Associatiounen d'Méiglechkeeten an d'Viirdeeler vum digitalen Archivage ze weisen an z'erklären.**

D'Datumer vun dësen Versammlungen gi rechtzäiteg kommunizéiert.

Avis aux amateurs!





# LEADER ATERT-WARK SOZIALWIERKSTAT

## Projetsopruff - Kultur, Klimawandel, Sozialengagement

Hudd Dir flott Iddien an dese Beräicher, da ka LEADER Iech ennerstëtzen!  
Reecht Äer Iddi eran a profitéiert vun bis zu 3.000 € fir se emzesetzen!



### Waat wëlle mir ennerstëtzen a fërderen?

Déi Lokal Aktiounsgrupp LEADER Atert-Wark wëll Aktivitéiten an Offeren am Kader vu Mini-Projet'en fërderen – esou fären si neiaarteg an innovativ fir eis Regioun sinn an déi lokal Bevëlkerung, kleng Veräiner oder regional Initiativen abezéihen.

Méiglech sinn Miniprojet'en ronderem folgend Themen:

- Fërderung vum sozialen Zesummenhalt
- Projet'en am Zesummenhang mat dem Klimawandel (Ëmwelt, Mobilitéit, eis Liewensweis am Allgemengen, ...)
- Projet'en fir d'Fërderung vun der kultureller Entwécklung am ländleche Raum (kulturell Offeren, Kënschtler, regional Identitéit, Bräich a kulturell Ierwen, soziokulturell Vielfalt, interkulturell und generatiounen- iwergräifend Themen).

Äer Kreativitéit an äere Mutt zur Innovatioun senn heibäi d'Trëmp.

### Dësen Opruff richt sech un:

- Verbänn, Organisatiounen a Veräiner ouni Gewënnzweck, déi hei an der Regioun (Kanton Réiden & Gemeng Mäerzeg) aktiv sinn
- Konsultativ Gemengekommissiounen
- Grondschoulen aus dem Réidener Kanton an der Gemeng Mäerzeg, Jugendgruppen.

### Mir finanzéieren äre Mini-Projet UMBRELLA

D'Lokal Aktiounsgrupp Atert-Wark finanzéiert 100% vun de Projektskäschten, dat mat engem Plafong vu maximal 3.000 €. Nitt bezuelt ginn d'Stonnen vun de Fräiwëllegen, déi matmaachen.

D'Lafzäit vun esou engem Mini-Projet ass maximal 1 Joer, a gëlt vun dem Moment un, wou de Projet bewëllegt gouf.

### Wichtig Terminer!

Dir kënnt ären Dossier bis den **15. Januar 2020 areechen**, dat un d'Adress vum LEADER-Bureau Atert-Wark. Dir kritt duerno innerhalb vun 2 Méint Bescheed gesot, op äere Mini-Projet ugeholl gouf oder nit.

Den Umbrella-Projet „Sozialwierkstat“ ass e Projet, deen nach bis 2021 leeft. Ee nächsten a leschten Opruff ass am Juni 2020!

### Froen?

Zéckt nitt. De LEADER-Bureau zu Réiden steet Iech zur Verfügung. **Besicht och eise Site [aw.leader.lu](http://aw.leader.lu) a lued Iech hei all relevant Dokumenter erof.** Mir wënschen Iech vill Erfolleg bei Äerer Kandidatur a freeën eis op vill flott Iddien.

Vous trouvez la traduction française du texte sur notre site internet!

**Bureau LEADER Atert-Wark**  
34, Grand-rue  
L-8510 Redange  
T +352 23 62 24 90  
[aw@leader.lu](mailto:aw@leader.lu)  
[www.aw.leader.lu](http://www.aw.leader.lu)



Fonds européens agricoles pour le développement rural.  
L'Europe investit dans les zones rurales.



# ZÄITGEMÉIS DAT SOLIDARESCHT GEMÉIS VUN DER ATERT

Bestëllt elo ärt Liiblingsgeméis fir d'Saison 2020







Am Zäitalter vu Klima- an Ëmweltschutz si MIR Konsumenten an Produzente gefuerdert ze handelen. D'Kooperativ Vun der Atert geet mat der Zäit an handelt ... mat Zäitgeméis!

Zäitgeméis, den ökoagrologesche Projet vun der Kooperativ Vun der Atert, steet fir eng zäitgeméis Form vu fairem a regionalen Handel am natierleche Geméisbau, solidaresch, ouni chemesch Hëllefsmëttel a Verpackungen, mat kuerzen Transportweeër, an dat zu korrekten an transparente Präisser. E riicht sech u Privatleit, Restaurateuren & grouss Kichen.

### Wéi funktionnéiert dat?

Besicht [www.vunderatert.lu](http://www.vunderatert.lu), Rubrik Zäitgeméis a fëllt den Online-Formulaire aus. Wielt äert Wonschgeméis an Uebst aus, d'Quantitéiten, esou wéi och den Liwwerzäitpunkt, sief et regelméisseg, oder och eemoleg. Duerno kri Dir via Mail eng Confirmatioun fir d'Commande esou wéi och d'Conditions de Paiement. Eng Woch virun der Rekolt kri Dir eng Mail fir Iech drun z'erënnere äere Wonschkuerf bei d'Kooperativ Vun der Atert zu Biekerich sichen ze kommen.

### Conditions de paiement

Zäitgeméis funktionnéiert nit do Regele vum globale Maart a schwankende Maartpräisser, mee op enger finanzieller „solidarescher“ Grondlag. De Client gëtt eischer e Partner, a bezillt seng Wuer och nit op de kg, mais fir d'Aarbecht, déi geleescht gouf, dëst an Tranchen:

- > En Acompte vu 50% bei der Bestellung am Wanter
- > En Acompte vu 25% am Fréijoer
- > De Rescht eng Woch virun der Liwwerung

### Garantie & Risiko

Beim Kulturplang gesäit d'Kooperativ Vun der Atert 10-20% méi vir, par Rapport zu enger normaler Rekolt. Dës Marge deckt de Risiko vun eventuelle Schied (Wiederaflëss, Mais, ...). De Partner engagéiert sech d'Geméis integral unzehuelen, esou wéi et de Gaart verléisst an hält och eventuell Perten an der Rekolt a Kaf. Dofir profitéiert en awer och vun eventuellem Iwwerschoss.

Fir dat d'Rechnung fir béid Partner opgeet, wiisst d'Zäitgeméis a Mëschkulturen op kleng Flächen. Duerch professionell Planung & Know-How ginn hei all Kéiers 2 harmonesch Kulturen zesummegeen an engem Beet fir eng effizient Koexistenz.

Zäitgeméis kritt 2022 de Biolabel an ass aktuell am éischte Joer vun der Prozedur. Geschafft gëtt mat alternativen Ubaumethoden fir eng ökologesche a klimagerechte Landbewirtschaftung.

Commandez et composez dès maintenant votre panier de légumes sur mesure pour la saison 2020!

„Zäitgeméis“, le nouveau projet agro-écologique de la coopérative „Vun der Atert“, est synonyme d'un commerce équitable et régional et d'une culture maraîchère naturelle, solidaire, sans produits chimiques ni emballages, avec des trajets courts, le tout à un prix correct et transparent! Il s'adresse aux particuliers, aux restaurateurs et aux grandes cuisines!

### Comment ça marche?

Vous allez sur [www.vunderatert.lu](http://www.vunderatert.lu), rubrique Zäitgeméis, et vous remplissez le formulaire en ligne. Vous indiquez les légumes et fruits de votre choix, la quantité ainsi que la période de livraison souhaitée. Ensuite vous recevrez une confirmation de commande et les conditions de paiement. Une semaine avant la récolte de vos légumes, vous serez informés par mail, suite à quoi vous pourrez récupérer votre panier chez Vun der Atert à Beckerich.

### Conditions de paiement

„Zäitgeméis“ ne fonctionne pas selon les règles du marché mondial avec ses fluctuations des prix du marché, mais sur une base financière „solidaire“. Le client devient partenaire et ne paie pas sa commande par kg, mais le travail effectué, et ceci en tranches:

- > Un acompte de 50% dès commande en hiver
- > Un acompte de 25% en printemps
- > Le restant dû une semaine avant livraison

### Garantie et risque

La coopérative Vun der Atert prévoit de 10-20% de production supplémentaire dans son plan de culture par rapport à la quantité de récolte prévue. Cette marge permet de couvrir un risque normal de dommages (intempéries, ravageurs, ...). Le partenaire s'engage à accepter les légumes avec les aléas de production et à assumer les pertes de récolte. Il bénéficie gratuitement de la surproduction.

Afin de garantir une situation gagnant-gagnant pour le producteur et le consommateur, nous pratiquons des cultures maraîchères intensives et très diversifiées sur petites surfaces. Nos productions de légumes sont organisées en différents groupes qui coexistent parfaitement. Grâce à une planification et un savoir-faire professionnel, nous associons des cultures dont les besoins et les bénéfices se complètent, sous terre et en surface.

„Zäitgeméis“ obtiendra son label bio en 2022 et est actuellement en cours de conversion. Nous travaillons avec des méthodes de culture alternatives pour une agriculture écologique et respectueuse du climat.



**VUN DER ATERT S.C.**

Vun der Atert s.c.  
6, Jos Seylerstrooss  
L-8522 Biekerech  
[vunderatert@gmail.com](mailto:vunderatert@gmail.com)  
[www.vunderatert.lu](http://www.vunderatert.lu)





Bewusst Handeln am Westen

# ONLINE SHOPPEN NOHALTEG, FAIR & SOZIAL! WWW.GRINGGO.LU

Um Site fënnt een eng Selektioun vu Gringgo iwwerpräifte Produiten a Betriber aus dem Westen, déi eng ëmweltfrëndlech an transparent Betribsphilosophie vertrieeden. Dëst erkennt een als Konsument un de gesammelten Informatiounen & kontrolléierte Labeler ronderëm de Produit, esou wéi och um Gringgo-Stäresystem, deen nohalteg a sozial Betriber auszeechent.

**Gringgo.lu** riicht sech un all Konsument, dee Wäert drop leet ze wëssen:

- \* wou de Betrib, de Produit oder d'Déngschtleeschung hierkënn
- \* op fair gehandelt gëtt
- \* op sozial Aarbechtsbedingunge respektéiert ginn
- \* op d'Nohaltegkeet

## Konditiounen fir als Verkeefer matzemaache sinn:

- \* mindestens zwee Gringgo Stärren hunn (vun insgesamt fënnf Stärren)
- \* de Sëtz, e Buttek oder eng Filial vu sengem Betrib/senger Organisatioun/sengem Veräin an der Regioun Atert-Wark oder an enger vun den ugrenzende Gemengen hunn
- \* d'Wäerter vun der Kooperativ, déi an de Statute festgeluecht sinn, ze respektéieren



**Gringgo**  
6, Jos Seyler Strooss  
L-8522 Beckerich  
T +352 671 025 650  
info@gringgo.lu  
www.gringgo.lu

De Numm Gringgo steet fir go for green=gring. D'Zil ass et de Pionéier aus dem Westen am Beräich Nohaltegkeet, an däeren Offer, eng vereente Visibilitéit op dësem Site ze ginn. Heivu kann de Konsument profitéieren, andeems en onbedenklech Produiten an Déngschtleeschunge fënnt, déi vun den „alen Huesen“ als gringgo-fit validéiert gi sinn.

Aktuell si 15 Betriber um Site, evaluéiert duerch max. 5 Gringgo Stärren:

- \* **Sozialt Engagement**
- \* **Ökologesch & ethesch Offer**
- \* **Ëmweltfrëndlech Betribsféierung**
- \* **Stärkung vun der Regioun**
- \* **Beki**

Um Site si Produiten an d'Déngschtleeschungen am Respekt viru

## Mënsch

Sozial Produktioun, solidaresch, fair Präisser, fair gehandelt, gesond, transparent, ...

## Natur

Biologesch ugebaut, ëmweltgerecht, ressourcëschonend, energieeffizient, spuersam, recycléierbar, fäeg ze reparéieren, regional, ...

## & Déier

Déiererecht Haltung, fräi vu Versich un Déieren, ...

Hei orientéiert sech Gringgo un existéierende Labelen, déi op hir Seriositéit iwwerpräift goufen.



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture, de la Pêche  
et du Développement rural  
Fonds européens agricoles pour le développement rural  
L'Europe investit dans les zones rurales.



# Gringgos op [www.gringgo.lu](http://www.gringgo.lu)

**Pall Center**



**Manukultura**



**Energipark**



**Autisme Luxembourg**



**Peinture & Cadeaux Kauthen**



**Vun der Atert**



**StudioE**



**Eida**



**Op der Schock**



**ClimEEC**



**De Kär**



**Den Daachdecker**



**Kollafestival**



**Art&Wise**



**Energieatelier**



# KOMM DISKUTÉIER MAT!



## Diskussiouns Owender

Wéini: 28. November 2019  
um 19.30-21.30 Auer

Wou: am Bistrot  
vum Centre Culturel  
„Op der Fabrik“  
3 Al Strooss  
L-8611 Platen

### Nach Froen?

Mellt Iech an der Réidener Infostuff!  
Caroline Schmit - T 26 62 08 01 22  
klima@klima.lu - www.klima.lu



Syndicat Intercommunal  
„De Réidener Kanton“

Syndicat Intercommunal  
„De Réidener Kanton“  
11, Grand-Rue  
L-8510 Redange/Attert

## Déi nei Diskussiouns-Owender am Réidener Kanton

Diskutéieren, argumentéieren a sachlech streiden! Dat ass e wichtege Bestanddeel vun der Demokratie. Sharen, liken a commentéieren ass einfach, awer wierkelech mateneen konstruktiv diskutéieren, manner.

Eis haiteg Gesellschaft huet d'Tendenz ëmmer méi ze polariséieren an ausereneen ze driften. Déi verschidde Gruppe bléiwen ënner sech, an dat féiert gären zu Ofspaltungen.

Dowéinst, wëlle mir am Réidener Kanton d'Diskussiounskultur erëm opliewe loosser; duerch Diskussiouns-Owender, wou sech Jonk an Al treffen, wënsche mir eis ee respektvollen Austausch fir déif Réss an der Gesellschaft entgéint ze wierken.

Wann Iech gesellschaftlech Themen um Häerze leien, wann Dir gutt Iddien hutt an Dir iwwe di aktuell Entwécklungen an eiser Welt an an eise Kanton wëllt matschwätzen, dat kommt op eisen éischten Diskussiouns-Owender.

Während dësem éischten Owend, steet de Klimawandel um Programm.

- > Wat fir Gedanke maacht Dir Iech?
- > Wat kënnen d'Auswierkunge vum Klimawandel bei eis sinn?
- > Firwat brauch d'Transitioun esou laang?
- > Wat kënnen mir bei eis am Kanton maachen?
- > ...

Wann dës Diskussiounsronn Uklang fënnt, wëlle mir sou Veranstaltungen regelméisseg organiséieren. Um Enn vun all Diskussiounsowend gëtt d'Thema vum nächsten Owend zesummen definiert. Dës Owender sinn oppen, Dir engagéiert Iech just fir deen Owend.

**Mir freeën eis op interessant a konstruktiv Gesprächer!**

# Klimapakt-Dag am Réidener Kanton

Donneschdes, 21. November 2019  
18h30-21h30 - Scheier Biekericher Millen

## Wou sti mir mam Klimapakt?

Präsident SIRK

- > Bilan no 6 Joer Klimapakt an den 10 Gemenge vum Réidener Kanton

## Best-Practise Beispiller & geplangten Aktivitéiten

Vertrieder vun den 10 Gemengen

- > Virstellung vu virbildleche Projete
- > Wat plangen eis 10 Gemengen punkto Klimaschutz?

Verstärkungspaus

## Verglach vun de Gemengen

Gemengevertrieder & Klimapaktberoder

- > Benchmarking Enercoach
- > Benchmarking Klima-Indikatoren
- > Verglach vun ëmgesate Moosnamen

## Zieler & Projete vum Réidener Kanton

Präsident SIRK & Klimapaktberoder

- > Wou wëlle mir hinn als Kanton?
- > Kantonal Projeten an der Planung
- > Diskussioun

Patt

W.e.g. bis den 17. November umellen ënner:

[klima@klima.lu](mailto:klima@klima.lu) oder T 26 62 08 01 22

Public cible: Gemengepolitiker, Techniker,  
Klimateam, interessierte Grand Public

Programm



De Rammericher Schännerot (vu lénks no riets): Mike Bolmer (Schäffen), Myriam Binck (Schäffen), Toni Rodesch (Buergermeeschter)

## KLIMA-INTERVIEW GEMENG RAMMERICH

Wat soen eis Gemenge-Responsabel zum Klimaschutz?



Gemeng Rammerich



**KlimaPakt**  
meng Gemeng engagéiert sech



**Syndicat Intercommunal  
„De Réidener Kanton“**

Caroline Schmit & Stéphane Devillet  
Conseillers climat

43, Grand-Rue  
L-8510 Redange/Attert  
T +352 26 62 08 01 22  
klima@klima.lu  
www.klima.lu

**Als Politiker sidd Dir ee Virbild fir är Bierger. Wat maacht Dir am Alldag fir de Klimaschutz?**

**Toni Rodesch:** Bis zu mengem 20. Liewensjoer, hat ech d'Gléck fir ronn 7.000 Beem an eiser Gemeng unzepflanzen. Menger Meenung no gëtt an der ganzer Klimaschutz-Diskussioun net genuch Gewiicht op d'Uplanzung an eng gutt Bewirtschaftung vu Bëscher geluecht.

Mäin Auto huet 15 Joer an eis Haus huet 300 Joer, ech versiche Saachen esou laang wéi méiglech ze (ënner)halen.

An d'Vakanz geet et meeschtens ouni Fli-ger. Mir ginn net ze wäit fort an op der Destinatioun bléift den Auto stoen, da gëtt haaptsächlech gewandert oder Vëlo gefuer.

Mir hu säit éiweg ee grouse Gaart, wou mir eist Geméis fir d'ganz Joer upflanzen.

**Myriam Binck:** Fir déi aldeeglech Trajeten, bei deene meng 3 Kanner net mat ginn, benotzen ech den Elektro-Vëlo.

Doheem wäschten ech mat niddregen Temperaturen a mir benotze praktesch ni den Trockner.

Am Haus hu mir eis ganz Belichtung op LED emgerüst a spueren esou vill Stroum.

Mir hunn d'Gewunnecht eis Elektrogerä-ter, déi mir net méi brauchen mat der Famill an de Frënn auszetauschen. Gebrauchte Saachen si mir wichtig, mir ginn dowéinst haaptsächlech op Second Hand Mäert fir de Kanner hier Kleeder ze kafen. Meng eege

*Kleeder kafen ech och am léifsten op Vide Dressing Treffen.*

*Wat mir och immens um Häerz läit, si kuerz Weeër an der Liewensmëttel-Produktioun. Ech wëll wësse vu wou meng Produkter hierkommen a kafen dowéinst regional Marken.*

*Eis Holzheizung doheem gëtt eréischt uge- maach, wann et richtig richtig kal am Wan- ter ass, di aner Zäit hält den Uewen duer. A fir nach méi Stroum kënnen ze produzéieren, plange mir deemnächst eis Photovol- taik-Anlag ze vergréisseren.*

**Mike Bolmer:** *Eist Haus ass komplett aus Houlez an ass mat Hanf isoléiert, et ass vun engem Entrepreneur aus der Regioun ge- baut ginn. Hëtze maache mir mat eiser Geo- thermie-Heizung (also d'Hëtzt gëtt aus dem Buedem gezunn) a mat Solarthermie.*

*Mir hunn ee Bongert mat 15 Uebstbeem uge- plantz, geschwënn droen se och Friichten.*

*A wann ech an d'Duerf ginn, dann ze Fouss oder mam Vëlo!*

**Wéi sëtzt Dir als Klimapakt-Sëlwer Gemeng Klimaschutz konkret an der Gemengepolitik ëm?**

Eis Gemeng huet immens vill Bëscher, déi zanter 50 Joer virbildlech bewirtschaft gi fir méiglechst vill CO<sub>2</sub> opzehuelen. Mir wënschen eis och, dass eis Bierger selwer erëm méi uplanzen, dowéinst verschenke mir deemnächst ee Bam un all Neigebue- renen aus der Gemeng.

A punkto Mobilitéit, si mir am gaange Primme fir d'Elektro-Vëloen auszeschaf- fen a plangen E-Borne fir Vëloer bei wichtege Bushalte-Stellen z'installéieren.

Ee Projet, deen eis di nächste Joer vill wäert beschäftegen ass, eis nei Holz-Hei- zung am Schoulkomplex zu Kietscht. Dëst Gebai ass bei wäitem de gréisste Verbraucher an eiser Gemeng a wa mir

deen op erneierbar Energien emrüsten, da spuere mir enorm vill CO<sub>2</sub> an.

Eis 3 Wandmille sollen och an den nächsten zwee Joren opgeriicht ginn, da produzéiere mir vill méi Stroum, wéi mir an eiser Gemeng verbrauchen.

**Wat maacht Dir fir är Bierger aus der Gemeng mat an d'Boot ze kréien?**

Mir versichen se iwwert eise Gemenge- buet an eis Facebook-Säit lafend iwwer Klimathemen ze informéieren.

Mir hunn eng Rëtsch Primme fir er- neierbar Energie Installatiounen, ewéi PV-Anlagen, thermesch Solaranlagen, a fir Reewaasseranlagen, ausgeschafft. Zesumme mat der Schoul an eisem Kli- mateam si Panneauen entwéckelt ginn, fir d'Autosfuerer iwwer de Littering laanscht eis Stroossen ze sensibiliséieren.

Eis Veräiner maache grouss Ustrengunge fir den Offall bei Fester ze vermeiden, a notze kee Wegwerfgeschier méi, mee just nach Porzeläin a Gleser. Virun 2 Joer, hunn sinn heimadder och beim Klima- concours deelgeholl.

**Wat sinn ärer Meenung no méiglech Léisungen fir Lëtzebuerg an der Klima- Politik?**

D'Photovoltaik-Anlage sollen nach vill méi gefërdert ginn. Et muss definitiv méi einfach gemaach gi fir grouss Anlagen ze installéieren a virun allem soll een net drop versteiert ginn.

D'Tariffer vun de Biogas-Anlage mussen onbedéngt erëm interessant ginn, soss geschitt do näischt méi.

Alles entscheet sech iwwer de Präis, di ekologesch Varianten gi méi deier, dofir sollen d'Leit dat wäertschätzen, an aus dem Haushaltsbudget méi ausginn fir dës Varianten.

An der Schoul brauch et onbedéngt ee Fach „Nohaltegkeet“, wou d'Kanner schonn am jonken Alter iwwer de Res- pekt vun eise Ressourcen an der Ëmwelt opgekläert ginn.

Eis läit och um Häerzen, dass mir d'Ser- vicer fir d'Bierger, wéi d'Post, d'Police, d'Bank, de Bäcker a Metzler an der Re- gioun behalen. Mir sinn der Meenung, dass op engem klengst méiglechen Terri- toire soll regionaliséiert ginn.

An zum Schluss nach, géinge mir eis iwwer d'Aféiere vun engem Pfandsystem op all de Béchsen, Fläschen etc freeën. Da géing vill manner Dreck laanscht eis Stroosse leien.

**Wéi gesäit di ideal Welt aus an där de Mënsch am Respekt mat senger Ëmwelt leeft?**

**Toni Rodesch:** *Mir mussen ewech komme vum Konsum an dem Drang ëmmer dat Neiste menge mussen ze hunn. Soss gëtt eis Gesellschaft ëmmer méi onzefridden an den Egoismus a Näid ëmmer méi grouss.*

**Myriam Binck:** *Mir hunn ee wonnerschéine Liewensraum virun eiser Dier, firwat ge- nëisse mer dee net méi? Ech géing mech freeën, wann mir all méi dat géingen notze wat mer hunn, ob dat Kleeder, Geräter sinn oder zB eise Gaart, wou mer kënnen Geméis oder ee Bam uplanzen.*

*Wat mir och immens wichtig ass, ass d'regionaalt Produzéieren an d'regionaalt Akafen.*

**Mike Bolmer:** *Déi ideal Welt ass fir mech, dat de Mënsch an d'Natur erëm zesummen am Aklang sinn an dat déi Respektlosegkeet ënnert de Mënschen, awer och géigeniwwer der Natur, een Enn fënnt.*

*De Mënsch soll ophalen ëmmer méi giereng no Muecht ze ginn a seng Zefriddenheet net just op de Konsum begrenzen.*



An der nächster Ausgab vun der Synergie presentéiere mir Iech d'Klimaschutz-Highlights vun der Gemeng Rammerich an hier vill klimafreundlech Aktivitéiten (Trëppeltier, Vëlostouren, Muséeë, ...).

# NATURA 2000 EINE REGION VOLLER SCHÄTZE DAS GEBIET GROSBOWS-NEIBRUCH

## NATURA 2000, UNE RÉGION RICHE EN TRÉSORS LE SITE DE GROSBOWS-NEIBRUCH

Der Standort Grosbous-Neibruch entlang der Wark ist mit 18,6 ha das drittkleinste Natura 2000 Gebiet Luxemburgs. Die Wark hat hier zur Entstehung von außergewöhnlichen und seltenen Biotopen geführt.

*La zone de Grosbous-Neibruch située le long de la Wark est, avec ses 18,6 ha, le troisième plus petit site Natura 2000 du Luxembourg. La rivière Wark a conduit à la formation de biotopes extraordinaires et rares.*

In den eingezäunten Bereichen wurde die Echte Arnika neu angesiedelt, nachdem sie an diesem Standort ausgestorben war.  
*L'Arnica des montagnes a été réimplantée dans ces zones clôturées après son extinction.*







Arnica Montana

In diesem Gebiet soll die Echte Arnika besonders geschützt werden, welche auch gerne feuchte Lebensräume besiedelt. Die Heilpflanze ist auf der roten Liste gefährdeter Pflanzen in Luxemburg als „vom Aussterben bedroht“ geführt. Seit 2012 wurde sie im Rahmen eines LIFE-Projektes wieder neu im Grosbous-Neibruch angesiedelt. Aktuell sind an diesem Standort etwa 50 individuelle Pflanzen anzutreffen. Ziel ist, dass sie sich in Zukunft wieder natürlich ausbreitet um eine Population von über 500 Individuen zu erreichen.

Ein weiteres Hauptaugenmerk liegt an diesem Standort auf dem Erhalt und der Ausweitung der Auenwälder, der Birken-Moorwälder und der Moore. Birken-Moorwälder sind äußerst seltene Waldformationen in Luxemburg. Aktuell gibt es landesweit noch einen Restbestand von 16 ha; ein kleiner Teil davon liegt im Grosbous-Neibruch.

*Dans cette zone, l'Arnica des montagnes, une espèce qui colonise entre autres des habitats humides, est particulièrement protégée. Cette plante médicinale figure sur la liste rouge des plantes menacées d'extinction au Luxembourg. Depuis 2012, elle a été réintroduite à Grosbous-Neibruch dans le cadre d'un projet LIFE et actuellement, on peut compter environ 50 plantes individuelles sur ce site. L'objectif à l'avenir est qu'elle se répande à nouveau naturellement pour atteindre une population de plus de 500 individus.*

*La préservation et l'expansion des forêts alluviales, des boulaies pubescentes tourbeuses et des marécages sont également un objectif de protection de ce site. Les boulaies pubescentes tourbeuses sont des formations forestières extrêmement rares au niveau national. Actuellement, il ne reste que 16 ha au Luxembourg; dont une petite partie se trouve à Grosbous-Neibruch.*



Birken-Moorwald  
in Grosbous-Neibruch.  
*Boulaie pubescente tourbeuse*  
à Grosbous-Neibruch.


Eine detaillierte Beschreibung des Standortes Grosbous-Neibruch und der geplanten Maßnahmen finden Sie auf unserer Homepage [www.attert.com](http://www.attert.com)

*Une description détaillée du site de Grosbous-Neibruch et des mesures prévues se trouve sur notre site internet*  
[www.attert.com](http://www.attert.com)

**Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.**  
**Gewässervertrag Attert**  
**Contrat de Rivière Attert**  
43, Grand-Rue  
L-8510 Redange  
T +352 26 62 08 08  
[natura2000@attert.com](mailto:natura2000@attert.com)  
[www.attert.com](http://www.attert.com)



 /Natura2000AttertWarkdall



© Administration du Cadastre et de la Topographie

# AUF ENTDECKUNGSTOUR IM NATURA 2000 GEBIET GROUSBOUS-NEIBRUCH A LA DÉCOUVERTE DE LA ZONE NATURA 2000 GROUSBOUS-NEIBRUCH

Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.  
Gewässervertrag Attert  
Contrat de Rivière Attert  
43, Grand-Rue  
L-8510 Redange  
T +352 26 62 08 08  
natura2000@attert.com  
www.attert.com



[f /Natura2000AttertWarkdall](https://www.facebook.com/Natura2000AttertWarkdall)

Entdecken Sie das Natura 2000 Gebiet bei einem gemütlichen Spaziergang oder einer Mountain-Bike-Tour (siehe Karte) und halten Sie die vielfältigen Naturschätze fotografisch fest. **Schicken Sie uns Ihre besten Naturfotos, entweder per Mail an [natura2000@attert.com](mailto:natura2000@attert.com) oder laden Sie die Bilder direkt auf unsere Facebook-Seite hoch.** Wir würden uns sehr über Ihren Beitrag freuen!

*Découvrez la zone Natura 2000 à pied ou en VTT (voir carte) et immortalisez ses richesses naturelles en les photographiant. **Envoyez-nous vos plus belles photos de nature, soit à [natura2000@attert.com](mailto:natura2000@attert.com) ou téléchargez-les directement sur notre page Facebook.** Nous serions ravis de votre participation!*

# Subsiden fir nohalteg Mobilitéit

## Subsides pour la mobilité durable

> **Vum 1. Januar 2019 un ginn et folgend Subside vum Staat:**

**A partir du 1<sup>er</sup> janvier 2019, l'Etat accorde les subsides suivants:**

- > **Prime de 5.000 €**  
pour un **véhicule neuf 100% électrique** ou à pile à combustible à hydrogène suivant: **voiture et camionnette**
- > **Prime de 2.500 €**  
pour un **véhicule neuf** du type **plug-in hybride** ( $\leq 50$  g CO<sub>2</sub>/km) suivant: **voiture et camionnette**
- > **Prime jusqu'à 500 €**  
pour un **véhicule neuf 100% électrique** suivant: **quadricycle, motorcycle, motorcycle léger** (125 cm<sup>3</sup>) et **cyclomoteur** (scooter et pedelec45)
- > **Prime jusqu'à 300 €**  
pour un **cycle neuf** suivant: **vélo et pedelec25**

> **Wat sinn d'Conditione fir d'Vëlosprime vun 300 €?**

**Quelles sont les conditions d'éligibilité pour les primes de cycle neuf de 300 €?**

- > „**Cycle au sens du Code de la route**”: **vélo conventionnel** (sans pédalage assisté) ou **pedelec25** (cycle à pédalage assisté, assistance jusque max. 25km/h)
- > Prime réservée aux **personnes physiques majeures** (uniquement résidents au Luxembourg)
- > **Achat du cycle à partir du 1er janvier 2019** (date de la facture acquittée)
- > Prime accordée au **propriétaire** du vélo / pedelec25
- > **Prime de 25% du coût HTVA du cycle**, sans toutefois dépasser 300 euros
- > Prime non valable pour tout autre moyen de glisse urbaine (trottinette électrique, hoverboard, solowheel, etc.)
- > Prime non cumulable avec la déduction fiscale pour mobilité durable; toutefois cette prime est cumulable avec d'autres primes



CONSEIL GRATUIT  
**INFOLINE**  
**26 62 08 01**  
[info@energieatelier.lu](mailto:info@energieatelier.lu)

Gewässervertrag Attert - Contrat de Rivière Attert

# D'WAASSERNOTZUNG AN ALER ZÄIT

D'Waassernotzung huet während dem letzten Joerhonnert staark geännert. An eisen Dierfer fanne mir awer nach munch Relikter aus enger Zäit, wou et nach keng Leitungen fir Waasser a Stroum goufen.

## Mir sichen Zäitzeien

Huet dir nach al Fotoen  
vu Millen an Wäschburen  
aus dem Attertdall?

Fotoen oder Pläng  
vu Fléizgrief?

Wëst dir nach wéi d'Wäsch  
fréier gemaach gouf oder  
kennt dir nach Anekdoten  
vun de Mëller an hiren  
Millen aus dem Attertdall?

Äert Wëssen interesséiert  
eis. Kontaktéiert eis, mir  
sammelen alles wat mat  
der Waassernotzung vu  
fréier ze dinn huet.



## Vu Millen, Wäschburen an Fléizgrief

**Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.**  
Gewässervertrag Attert  
Contrat de Rivière Attert  
43, Grand-Rue  
L-8510 Redange  
T +352 26 62 08 08  
maison.eau@attert.com  
www.attert.com



Méi wéi 15 Millen stoungen fréier laanscht der Attert. Och op deenen sëllegen Niewebaachen am Attertdall gouf d'Waasserkraaft genotzt fir Millen unzedreiw. D'Millen goufen an der Zäit net nëmmen genotzt fir Miel ze muelen, mee et goufen och Uelegmillen, Loumillen, Braumillen, Seemillen, Gipsmillen, Pabeiermillen, Schläifmillen, Millen fir Héichuewen ze bedreiw. An vill anerer méi.

Niewent de Millen erzielen och déi sëllege, mol méi, mol manner gutt erhalen Wäschburen vun enger anerer Zäit. Mir sënn am Gang

een Inventaire vun de Wäschburen aus der Atert-Regioun ze maachen. Dee virleefege Stand fannt dir op der Internetsäit vun eiser belger Partnerorganisatioun, dem Naturpark Attert: [www.pnva.be](http://www.pnva.be)

Een anert Relikt vun deemools fënnt een nach heiansdo an eise Wisen. Dat sinn d'Fléizgrief. An dese Grief gouf d'Waasser mat Hëllef vu Wiere, vun der Baach an d'Wise geleet. Mat där Bewässerung huet een den Ertrag beim „Groum“, dem 2. Schnatt däitlech kënne verbessern.



Gewässervertrag Attert - Contrat de Rivière Attert

# L'UTILISATION DE L'EAU DANS LE TEMPS

L'utilisation de l'eau a subi bien des changements dans le siècle passé. Nos villages gardent néanmoins toujours des reliques de ces temps lointains où les conduites d'eau et d'électricité n'existaient pas.

## Nous recherchons des témoignages

**Possédez-vous encore de vieilles photos de moulins ou lavoirs de la vallée de l'Attert?**

**Des photos ou plans des anciens fossés d'irrigations?**

**Savez-vous encore comment on lavait jadis le linge ou connaissez-vous des anecdotes de meunier et de leur moulin?**

Votre savoir nous intéresse. Contactez-nous, nous récoltons toutes les informations relatives à l'utilisation de l'eau autrefois.



## Moulins, lavoirs et canaux d'irrigation

